ESCHER DÉIEREPARK

# LÉIEREN IWWERT DÉIEREN

## Aktivitéiten am Déierepark mam Julie




Firwat heescht ee Wäschbier eigentlech Wäschbier?

Hunn Hénger Zänn?

Julie, Wéi kann ech meng Mierschwéngercher beschäftegen?

Julie, wéivill a wat frësst ee Poitou Iesel?

Julie, wat mecht eigentlech een Déierefleeger de ganzen Dag?

Firwat sténken dei Geessen esou?

Op all dës Froen an nach vill méi weess d'Julie eng Äntwert. Julie ass eng leidenschaftlech Mataarbechterin am Déierepark, hat genéisst et, ëmmer gutt gelaunt a mat engem Laachen am Gesiicht är Froen ze beäntwerten. Fir d'Julie sinn all är Froen eng Chance fir säi Wëssen iwwert d'Déieren ze deelen. Mat spannende Geschichten an einfachen Erklärunge geléngt et him och komplizéiert Themen, verständlech duerzestellen.

Dem Julie seng Missioun am Déierepark ass et iech mat Aktivitéiten fir d'Déierewelt an den Aarteschutz ze begeeschteren. All Staunen a Laachen ass fir hat puer Freed a mécht säin Job zu enger erfëllte Leidenschaft.



**Infotel: 2754 3752**

*(09:00 bis 17:00 Auer / Méindes bis Freides)*

esch

ESCHER BAMHAISER

GAGNANT LUXEMBOURG TOURISM AWARDS 2021

**deierepark.esch.lu**

deierepark@villeesch.lu
Tel.: (+352) 2754 3752